N°3046
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlementaresch Fro n°3046 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen vum 16. Oktober 2025.**

Zu Steebrécken gëtt op Demande vun de concernéierte Gemengen den Tramarrêt op der Nordsäit vun der Autobunn implantéiert. Dës Léisung ass aus mobilitéitstechnescher Siicht méi avantagéis, well se e bessert Ëmsteigen tëschent Bus an Tram erméiglecht, méi einfach Emprise mat sech bréngt an den urbanisteschen Impakt op d'Lokalitéit vu Steebrécken reduzéiert.

**1. Wäert eng Firma aus dem Grupp Giorgetti och den Tram-Arrêt hei bauen?**

Wéi all Chantieren, déi duerch Luxtram ausgefouert ginn, ginn och d'Aarbechten am Kader vum Projet Tram rapide vollstänneg am Kader vun ëffentleche Marchéën ausgeschriwwen, am Aklang mat der gülteger Gesetzgebung. Et ass dofir de Moment net méiglech ze soe, wéi eng Firma zum Schluss den Zouschlag kritt.

**2. Goufen et, am Virfeld vun der Annonce vun der Ministesch, Treffen tëschent Regierungsvertrieder oder Staatsbeamten a Vertrieder, Actionnairen oder Interessevertrieder vum Grupp Giorgetti?**

Luxtram huet am November 2023 un enger Chantier-Visitt um Site vum GridX-Projet deelgeholl, fir sech en Iwwerbléck ze verschafen iwwert den Ëmfang vum Projet, d'örtlech Konditiounen, d'erwaart Besucherstréim (och am Kader vu gréisseren Evenementer) an déi zukünfteg Zuel u Beschäftegten. Bei dëser Visitt waren och Memberen aus der Direktioun vum Grupp Giorgetti present. Ausser deem Treffen haten weder ech nach meng BeamtInnen, nach Luxtram weider direkt Treffen mat dem Grupp Giorgetti oder sengen VertriederInnen. Am selwechten Zäitraum huet et awer verschidde Reunioune mat de concernéierte Gemenge ginn, fir d'Besoinen am Beräich Mobilitéit an d'Integratioun vum zukünftegen Arrêt zu Steebrécken am Detail ze analyséieren.

Lëtzebuerg, den 13. November 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes